

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Finanzminister an den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3760 schreiwen d'Madamm Ëmweltminister an den Här Finanzminister (zesumme mam Här Energieminister), datt d'Regierung "vum Klimawandel betroffenen Entwécklungslänner" bis 2025 eng Enveloppe vun 200 Milliounen Euro zur Verfügung stelle wëll, dëst zousätzlech zu der Entwécklungshëllef.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un déi dräi Ministeren:

- 1) Wéi ginn déi 200 Milliounen Euro vu staatlecher Säit justifiéiert an ënnert wéi enger Form a vu wéi engem Budgetartikel fléissen déi Gelder?
- 2) Wéi verdeelen déi Gelder sech op déi eenzel Länner? Kann d'Regierung en Tableau mat den absolutten Zuelen an den entspreichende Prozentsätz presentéieren?
- 3) Wéi ee Verwendungszweck hunn dës Gelder? Gëtt d'Verwendung auditéiert?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten